N°2373
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2373 vum 23. Mee 2025 vum honorabelen Députéierten Jeff Engelen an vun der honorabeler Députéierten Alexandra Schoos zum Sujet "Vols de câbles sur bornes de recharge pour voitures électriques au Luxembourg "**

**Fro 1: Ass dës nei Form vu Kriminalitéit och zu Lëtzebuerg festzestellen? Falls jo, kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill där Fäll der Police säit dem 1. Januar 2023 gemellt goufen, wéi ee Materialschued jeeweils entstanen ass, wéi dacks d'Täter konnte gepëtzt ginn an zu wéi vill Verurteelungen et koum?**

Laut dem Code pénal handelt et sech beim Déifstall vu Kabele ëm ee „vol simple", respektiv ass et zousätzlech eng „Dégradation volontaire", falls beim Déifstall de Kabel oder d'Luedstatioun beschiedegt ginn ass.

D'Datebanke vun der Police erlaaben et net bei Fäll vun Déifstall eng Differenzéierung no geklauten Objeten ze maachen. Et ass deemno net méiglech eng Tabell opzestellen, wéivill Déifställ vu Luedkabelen, mat oder ouni Materialschued, säit dem 1. januar 2023 virkomm sinn.

**2) Falls jo, wéi eng Moossname wëll d'Regierung zesumme mat de betraffene Bierger ergräifen, fir esou Fäll zukünfteg sou wäit wéi méiglech ze verhënneren?**

D'Police stellt dem Bierger allgemeng Informatiounen zu Preventiounsmesuren zur Verfügung beim „Service prévention" vun der Police oder op hierem Internetsite. Hei ginn awer net spezifesch Elektroautoen oder Luedstatioune cibléiert.

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN